



- que des centaines de milliers d'Égyptiens ont manifesté pendant les deux dernières semaines en Égypte dans l'esprit de la «Révolution du jasmin», revendiquant un État démocratique, libre et équitable;

- que des adhérents et des forces de sécurité du président Moubarak ont exercé des violences inacceptables contre les manifestants, avec des centaines de morts;

- que le régime du président Hosni Moubarak a bloqué les moyens de communication en Égypte;

- qu'il a eu d'intolérables chasses à l'homme à l'encontre de journalistes;

invite le Gouvernement

- à condamner fermement la répression des manifestations en Égypte;

- à soutenir activement toutes les forces luttant pour la démocratie;

- à réclamer la démission de Hosni Moubarak et l'instauration d'élections libres;

- à s'engager au niveau européen pour que l'Union européenne prenne une position allant dans ce sens;

- à œuvrer dans leurs relations internationales à ce que les droits de l'Homme et les principes démocratiques soient respectés à tous les niveaux.

(s.) André Hoffmann, Gast Gibéryen, Camille Gira, Jean Huss.

(La motion n'ayant porté que quatre signatures lors du dépôt, elle a par la suite été cosignée par M. Félix Braz.)

## 5. Ordre du jour (suite)

► **M. le Président.**- Merci dem Här Hoffmann. Ass d'Chamber sinon averstane mam Ordre du jour?

Den Här Lux fret d'Wuert. Ech mengen, den Ordre du jour kënnen mer awer vläicht festhalen an da kéime mer zu der Motioun.

D'Chamber ass d'accord mam Ordre du jour?

(Assentiment)

Gutt! Da kritt den Här Lux d'Wuert fir iwwert déi Motioun hei ze schwätzen.

► **M. Lucien Lux (LSAP).**- Ech wollt just proposéieren, no Récksprooch mam Ausseminister, dass mer iwwer déi Motioun do en Donneschdeg um hallwer dräi kéinte beroden.

► **M. le Président.**- Gutt, dann huele mir déi Motioun en Donneschdeg um hallwer dräi direkt am Ufank vun der Sitzung.

Als éischte Punkt hu mer haut de Mëtteg de Projet de loi 6144 iwwert d'Schafe vun engem Centre des technologies de l'information de l'État. D'Riedezäit ass hei nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Hären Etgen, Diederich a Gibéryen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Félix Eischen. Här Eischen, Dir hutt d'Wuert.

## 6. 6144 - Projet de loi modifiant et complétant la loi du 20 avril 2009 portant création du Centre des technologies de l'information de l'État

**Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Simplification administrative**

► **M. Félix Eischen (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wuel jiddweree vun lech heibannen ass mat mir eens, datt d'Welt, an där mir liewen, sech am Laf vun deene leschten 20 Joer esou séier verännert huet, wéi dat nach ni virdrun an der Geschicht vun der Mënschheet de Fall war. Dës Tatsaach ass och zum groussen Deel op d'Entwécklung vun de sougenannten neien Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien zrëckzeféieren, Technologien, déi d'Aart a Weis wéi mer liewen, schaffen, ons bewegen an ons matenee verstännege revolutionéiert an domadder och al Gewunnechten op de Kapp gestallt hunn.

Den Impakt vun den neien Technologien ass esou grouss, datt en an alle Beräicher

vum Liewen ze spieren ass an deemno och an der Aarbechtswelt. Dovunner concernéiert si praktesch all d'Beruffer a besonnesch d'Déngschtleeschtungssewicer, zu deene jo och déi staatlech Administratioun gehéieren. Dat geet esou wäit, datt hautzudags ouni Informatik an Internet beim Stat e Fonctionnement onméiglech wär. Eng Tatsaach, déi d'Verwaltunge viru ganz nei Erausforderunge stellt. Dat ass och net nei.

Den Hauptproblem bei där ganzer Saach ass, datt wéinst där immens séierer Entwécklung, déi vu Joer zu Joer, jo scho vu Mount zu Mount geet, sech permanent ëmgestallt muss ginn, fir d'Schlappen net ze verléieren.

Ee vun deene rare staatleche Servicier, dee restrukturéiert soll ginn, fir sech komplett un dat verännert Ëmfeld unzepassen, ass de Service central des imprimés et des fournitures de bureau de l'État, kuerz SCIE. Dese Service ass net där mannster een. Wat den SCIE konkret am Alldag fir eng Roll spillt, musse mir ons hei zum Beispill bewosst sinn, well zum Beispill all d'Dokumenten, déi mir als Parlament erausginn, dorënner natierlech och d'Gesetzer, gi vum SCIE gedréckt a publizéiert. Datselwecht mécht e mat ganz villem, wat déi staatlech Verwaltunge schreiwen. Hien ass och zoustänneg fir d'Büros-, Schreif- an d'Copieséquipement an d'Apparaturen an de staatleche Verwaltungen.

All dës Aufgabe sinn an de leschte Joren awer ëmmer méi komplex ginn, esou datt d'Missiounen, déi den SCIE haut ze erfüllen huet, net méi vill ze dinn hu mat deenen aus der Zäit, wou dee Service fir d'Éischt duerch e groussherzoglecht Règlement aus dem Joer 1969 an duerno duerch e Gesetz aus dem Joer 1983 op d'Bee gestallt ginn ass.

Derbäi kënnt, datt de Centre des technologies de l'information de l'État, CTIE oder Centre informatique genannt, sech ëm déi nei Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien këmmert. Elo kann ee sech dann d'Fro stellen, wat deen ee Service da mat deem aneren ze dinn huet. Op den éischte Bléck net vill, well den CTIE aner Produktë keeft an ubitt wéi den SCIE. Allerdéngs ass den administrative Prozess a béide Verwaltunge praktesch identesch, esou datt hei ënnert dem Stréch gesi plazeweis duebel Aarbecht gemaach gëtt.

Dat muss net sinn, besonnesch well hei duerch Synergie Käschte kéinte gespuert ginn, eng Optioun, déi jo vu ville Säiten ëmmer nees gefuerdert gëtt. An dofir huet d'Regierung de 16. Oktober 2009 der Chamber e Gesetzesprojet virgeschloen, dee ganz einfach d'Integratioun vum Service des imprimés an de Centre des technologies de l'information virgesäit.

Dee Projet ass zënterdeem vun der zoustänneger parlamentarescher Kommissioun diskutéiert a vum Statsrot souwéi vun der Statsbeamtekummer aviséiert ginn. An ech hunn déi grouss Eier, fir lech, léif Kolleginnen a Kollegen, dat Ganz a menger Fonctioun als Rapporteur ze erklären, fir datt jiddweree vun ons sech e kloert Bild driwwer maache kann, ëm wat et hei geet, ier mir dat Ganz dann emol nach eng Kéier diskutéieren an dann och driwwer decidéieren.

Erlaabt mer dofir, nach eemol ganz kuerz drop zrëckzekommen, wéisou datt d'Regierung konkret der Meinung ass, datt een den SCIE mam CTIE verschmelze soll.

Am Ufank vum neie Jortausend hat déi deemoleg CSV/DP-Koalitioun engem externe Beroder d'Aufgab ginn, fir den SCIE d'ënnescht an d'iewescht ze kéieren, fir erauszefannen, ob en de Wënsch vun de staatleche Verwaltungen nach ëmmer gerecht gëtt. Bei deser Analys, déi tëschent Oktober 2001 an Abrëll 2002 gemaach ginn ass, ass dunn awer festgestallt ginn, datt den SCIE eng Hällewull vun Defiziter huet.

Ouni an d'Detailer elo wëlle vun deem Rapport ze goen, kann ech awer soen, datt hei einfach eng strukturell Strategie gefeelt huet, déi et him erlaabt hätt, fir seng Leit a seng Mëttelen esou anzesetzen, datt um Enn méi effikass a virun allem manner deier kéint geschafft ginn. Ausserdeem ass deemools bedauert ginn, datt déi Leit, déi do schaffen, just temporär agesat ginn an dacks net déi néideg Qualifikatiounen

hätten, fir kënnen mat deenen neien, méi komplexen Technologien ëmzegoen.

Fir déi gréisst Problemer ze meeschteren, hat den externe Spezialist deemools eng Partie Léisunge virgeschloen, déi dem SCIE awer nëmme fir déi lescht puer Jore gehollef hunn, iwwert d'Ronnen ze kommen. Ënnert dem Stréch gekuckt bleift, datt den SCIE net wierklech op d'Zukunft virbereet ass an datt also eppes geschéie muss!

Wat genee, dat war déi grouss Fro, eng Fro, op déi déi viregt Regierung fir d'Éischt mat enger kompletter Reorganisatioun vum SCIE äntwerte wollt. Si hat dann och schonn an deem Sënn e Gesetzesprojet geschriwwen, deen de Service des imprimés an eng Administratioun sollt ëmwandelen, éier dës Regierung dunn awer méi d'Synergieméiglechkeeten ausnotze wollt tëschent dem Centre des technologies an dem SCIE, an et deemno vill méi Sënn géif maachen, aus deenen zwee just nach een ze maachen.

Effektiv erlaabt d'Fusioun vum SCIE an dem CTIE, datt op där enger Säit d'Resourcen an d'Personal besser kënnen agesat ginn an op där anerer Säit déi administrativ Prozedure vereinfacht a virun allem Sue gespuert ginn, bei den Équipermenten an de Commanden zum Beispill. Den CTIE iwwerhëlt domadder natierlech och déi Aufgabe mat, déi den SCIE bis elo ausgeübt huet: d'Akafen, d'Stockéieren, d'Liwieren an d'Opriichte vu Miwwelen a Büromaterial fir de Stat zum Beispill. Et wäert dann och an Zukunft den CTIE sinn, deen d'Kreditter global fir dës Material gëreiere muss.

Fir all dës nei Missiounen kënnen ze erfüllen, muss de Personalkader natierlech méi stabil ginn, wéi et momentan fir den SCIE de Fall ass, wou vill Leit just temporär schaffen. Ausserdeem ginn och nei Qualifikatiounen gebraucht, fir déi nei Erausforderunge kënnen ze meeschteren, eng Konditioun, déi de Moment net komplett erfüllt ka ginn.

Rieds geet hei an éischer Linn vun deene behënnerten Employéen, déi fir den SCIE schaffen. Ech wëll awer op deser Plaz ganz kloer betounen, datt dës Leit vläicht net esou agesat kënnen gi wéi hir net behënnert Kollegen. Allerdéngs ass et wichteg a richtig, dës Matbierger, wann et nëmme méiglech ass, um sougenannten éischen Aarbechtsmaart ze integréieren. Dat huet de Stat am SCIE gemaach, an dat wäert en och an Zukunft am Centre informatique maachen, well all déi behënnert Employéen an déi Persounen, déi si encadréieren, gi mat iwwerholl.

Doduerch ass och ze erklären, wéisou datt de Gesetzesprojet weidert Personal virgesäit. Alles an allem wäert d'Personal vum SCIE, dat vum CTIE iwwerholl gëtt, all Joer 440.000 Euro kaschten.

Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, zum Schluss wëll ech nach kuerz soen, datt de Statsrot a sengem Avis zu deem Gesetzestext ausser e puer juristesche Klenggekeete keng grouss Bedenken hat. Deemno géif ech lech Merci soe fir d'Nolauschteren an lech an engens bieten, dësen Text, esou wéi en hei elo läit, ze stëmmen, an dat, well e virun allem am Kader vum Käschtespueren an enger méi effikasser a besonnesch einfacher administrativer Aarbecht ze gesinn ass.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Rapporteur Félix Eischen. Als éischte Riedner ass den Här Etgen agedroen. Här Etgen, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et kann nëmmen eng gutt Saach sinn, wa mer de Service central des imprimés an de Centre des technologies de l'information de l'État integréieren, fir eng staark, effikass an effizient Zentralverwaltung am Statsapparat ze kréien.

De Rapporteur Félix Eischen, deem ech ausdrëcklech fir säi präzisen a kloer formuléierte schrëftleche wéi och mëndleche Rapport häerzlech wëll félicitéieren, huet d'Beweggrënn vun der Regierung, fir op deen ageschloene Wee ze goen, duercheluecht.

Ech kommen awer net derlaanscht, fir ze soen, datt d'Regierung sech awer immens schwéiergedoen huet mat deser Reform, déi d'Resultat ass vun engem Audit, dee schonn an de Joren 2001 an 2002 gemaach ginn ass. Dësen Audit huet kloer a prezis d'Defiziter vum SCIE duergeluecht, an dach huet et iwer Joer, bis de 5. Juli 2009, gedauert, ier d'Regierung e Projet de loi déposiert huet, e Projet de loi, deen dann ee Joer méi spët duerch dese Projet ofgeléist ginn ass. Zilstrebeg d'Lacunen an enger Zentralverwaltung vum Stat beheiwene, dat gesäit anescht aus!

Här President, wann een et eescht mengt mat enger Réforme administrative, ass et onerlëslech, fir zum gegebenen Zäitpunkt enger zentraler Verwaltung déi Strukturen organisationeller a personeller Natur ze ginn, déi et hir erlaben, hiren Objektiv gerecht ze ginn. Grad an dese wirtschaftlech schwierigen Zäite gëllt et och, Spuerpotenzialer duerch e systematesche Materialakaf an duerch aner Formen - ech denken hei un de Leasing - ze notzen.

Här President, als een, dee ronn 30 Joer an enger staatlecher Verwaltung geschafft huet, soen ech, datt déi gréissten Erausforderung, déi un de Service public gestallt gëtt, d'Veereinfachung vum dagdeegleche Liewen ass. De Centre des technologies de l'information de l'État muss virun allen aneren Ufuerderungen ee Partner vun allen anere staatleche Verwaltungen sinn, bei deem Schnellegheet, Flexibilitéit, Effizienz a Qualitéit gefrot sinn.

Här President, nëmmen esou kréie mer ee Service public, deen op d'Wënsch an d'Besoin vum Bierger a vun den Entrepreneuren ageet, en öffentlechen Déngscht, deem seng Aarbechtsorganisatioun op den Administréier ausgeriicht ass, dee séier a verständlech ka reagéieren an deen de Bierger an de Betriber ee Maximum vu verständlechen Informatiounen op eng einfach Manéier zougänglech mécht.

Duerfir brauche mir och ee moderne Centre des technologies de l'information de l'État, deem seng Aufgabe villschichtig a complémentaire sinn, an duerfir wëll ech och den Accord vun der DP-Fraktioun zu deemem Projet ginn.

Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Fernand Etgen. Als nächste Riedner ass den Här Diederich agedroen.

► **M. Fernand Diederich (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eis Fraktioun begréisst dese Projet de loi, dee laut dem Exposé des motifs als Hauptobjektiver d'Simplification administrative souwéi eng gréisser Effizienz vum Verwaltungsapparat ustriift. Mir kënnen eis dësen Iwwerleeungen a Bestriewungen nëmmen erschléissen, an ech ginn heimat den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu deemem Projet de loi, nodeem de Rapporteur, den Här Félix Eischen, a sengem ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Bericht, fir deen ech him wëll Merci soen, op all wichteg Punkte vum Gesetz agaangen ass.

Villmools Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

### (Interruptions diverses)

► **M. le Président.**- Merci dem Här Fernand Diederich. Als nächste Riedner ass den Här Gibéryen agedroen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här President. Och vun eiser Säit aus e Merci un de Kolleg Félix Eischen als Rapporteur. Ech mengen, säi Rapport war esou explizit: Ech hat eng Fro, mä déi huet en och scho beäntwert, an zwar, wann een zwee Servicier mateneen zesummeleet, da gëtt an der Regel de Käschtepunkt méi niddreg. Hei gesi mer awer am Impact financier, datt mer 440 Euro (veuillez lire: 440.000 Euro) d'Joer méi Lounkäschte wäerte kréien, mä et gëtt duerfir valabel Ursaachen, déi de Rapporteur genannt huet, esou datt déi Fro dann domadder gekläert ass.

Ech soe vun eiser Säit Merci a mir bréngen och d'Zoustëmmung zu deemem Gesetz.





► **M. le Président.**- Merci och dem Här Gibéryen. Domadder wär d'Diskussioun ofgeschloss. D'Madame Minister kritt dann nach d'Wuert.

► **Mme Octavie Modert, *Ministre déléguée à la Fonction publique et à la Réforme administrative.***- Jo, Merci, Här President. Ech sinn als Fonction-publique-s-Minister och zoustänneg fir d'Modernisatioun vum Stat, an dann ass et fir mech evident, datt ech net splécke ginn an eng nei Verwaltung opbaue ginn, wou et méiglech ass, Saachen zesummenzeleeën an duerch strukturellt Zesummeleeën an Zesummeschaffe méi produktiv ze schaffen.

Dofir hunn ech deem ee Projet de loi zréckgezunn an einfach gesot, datt de Service des imprimés soll ee Stéck vum dem Centre informatique, dem Centre des technologies de l'information de l'État ginn. Domadder, mat transversaler Reorganisatioun an Neiandeelung vun den Aufgabe sinn dann och Synergie méiglech.

Ech soen der Chamber Merci, datt se d'accord ass, datt elo de Service des imprimés déi nei Besoinen an och déi méi komplex Aufgaben op déi heiten Aart a Weis ganz gutt kann ugoen.

Merci villmools.

► **M. le Président.**- Merci der Madame Minister.

## 7. Ordre du jour (suite)

Well mer am Moment e bësselche Problemer mat eiser Maschinn hei hunn, musse mer de Vote da verleeën.

Mir kommen dann zum nächste Punkt vum Ordre du jour, nämlech de Projet de loi 6220, eng Convention-cadre iwwert de Patrimoine culturel. Hei ass Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech age-droen: d'Madame Brasseur, den Här Angel an den Här Kartheiser. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi hono-rabel Madame Martine Mergen. Madame Mergen, Dir hutt d'Wuert.

## 8. 6220 - Projet de loi portant approbation de la Convention-cadre du Conseil de l'Europe sur la valeur du patrimoine culturel pour la société, faite à Faro, le 27 octobre 2005

### Rapport de la Commission de la Culture

► **Mme Martine Mergen (CSV), *rappor-trice.***- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, dat Gesetz, dat mer hei vir-leien hunn, ass am Text denkbar kuerz, et huet nämlech nëmmen ee Saz, an zwar, dass mer d'Convention-cadre vum Conseil de l'Europe iwwert de Wäert vum kultu-relle Patrimoine fir d'Gesellschaft, esou formuléiert zu Faro de 27. Oktober 2007, per Gesetz unhuelen.

De Projet gouf vun der Madame Kultur-minister de 16. November 2010 dé-poséiert. Et ass also d'Convention-cadre selwer, déi mer musse méi genee ënnert d'Lupp huelen, an dat ass geschitt an der Kulturkommissioun den 18. Januar, no-deem de Conseil d'État säin Avis de 7. De-zember d'lescht Joer ofginn hat. Den 1. Februar ass de Rapport, esou wéi en lech vir-läit, vun der Kommissioun ugeholl ginn.

Interessant ass virun allem och, dass dee Vote, dee mir haut hei huelen, eng gewësse Wichtegkeet fir d'Konventioun vu Faro huet, well Lëtzebuerg domadder dat zéngt Land ass, dat si ratifizéiert, a si dann elo kann a Kraaft trieden.

Et sief och nach gesot, dass si d'Granada-Konventioun vun 1985 enthält, dass et also net méi wäert néideg sinn, dës Kon-ventioun nach eenzel ze ratifizéieren. Dat war nämlech nach net geschitt. Den Text vun der Konventioun réaffirméiert de Prinzip vun der UNO-Mënscherechts-kommissioun, dass all Eenzelnen d'Recht huet, um kulturelle Liewen ze partici-péieren.

Et gétt fir ons hei am Land domat kee Besoin, fir ons Législatioun ze änneren. Et

ass villméi eng moralesch Obligatioun fir onst Land, fir déi verschidden Instru-menter, déi mer schonn hunn an déi exzellent fonctionnéieren, weiderhin a vläicht besser anzesetzen, fir all Mënschen Zougang zu Wäerter vu Patrimoine a Kultur ze erlaben. Als Beispill hu mer an der Kommissioun d'Journée européenne du patrimoine diskutéiert, déi all Joer méi Leit op déi verschidde Manifestatiounen an Europa an eben och hei zu Lëtzebuerg unzitt.

Nei ass awer d'Definitioun vum Kulturier-wen, wat vläicht a senger däitscher Expres-sioun e schlecht Wuert ass mat dëser neier Definitioun; mä op Lëtzebuergesch ass mer kee bessert agefall. Op Däitsch seet een eben „Kulturerbe“. Mä loosst mech kuerz ëmräissen, wat nei an innovativ ass am Verständnis vum Patrimoine culturel.

Et handelt sech net nëmmen ëm reell oder virtuell Ierwen aus der Vergaangenheet, déi ons Kultur geprägt hunn. Et geet vill-méi och ëm all déi Wäerter, un deenen eng kulturell Communautéit oder en Ensembl vu kulturelle Communautéiten, déi zesummen op engem Territoire liewen, hänkt, déi et derwäert si fir kommend Generatiounen ze erhalen. Et sinn also net nëmmen Objeten, mä och den Ausdruck vun traditionellem Wëssen, Glawen an Traditiounen, esou wéi si iwwert d'Zäite kënnen a sollte virugedroe ginn.

Jiddwereen eenzel an d'Länner, mä och Europa zesumme si mat responsabel dofir a sollten implizéiert sinn. En nohaltege Ge-brauch vun dësem Patrimoine féiert zur mënschlecher Entwécklung an zu enger besserer Liewensqualitéit. Et ass dëst also eng individuell a gemeinsam Responsa-bilitéit an implizéiert de géigesäitege Res-pekt vun anere Wäerter.

Fir dës Chancë kënnen ze notzen, also de Patrimoine ze gebrauche wéi eng natier-lech Ressource, mussen d'Bierger och iwwert d'Wëssen doriwwer verfüge kë-nen. An en aneren Objektiv vun der Kon-ventioun ass deemno, dës Wäerter op allen Niveaue vun der Éducation ze vermë-telen, mat deem kllasseschen Trias vun der Léier „knowledge, skills and attitudes“: fachlecht Wësse bäibréngen, dës Dimen-sioun applizéieren als Moyaen anert Wëssen ze vermëttelen, a schliesslech se an d'deeg-lech Praxis afléisse loossen. Heifir kéint een als Beispill Dialekter nennen, oder och handwierklech Techniken, déi op engem Territoire traditionell gewuess sinn an déi anerefalls géife riskéieren, verluer ze goen.

Déi modern Medië sinn och ugeschwat. Si sollten dozou bäidroen, dëst Wësse jidd-werengem accessibel ze maachen.

Dat klängt alles zimlech theoretesch, mä et gi Mechanismen ugeschwat, déi et ei-gentlech schonn an onse Schoul-Curricula ginn oder misst ginn. An der Kommissioun ass en Heimatkundeunterricht genannt ginn; haut heescht dat d'Classe du patri-moine. A mir hunn ons gefrot, ob an onsem Schoulssystem genuch Accent op dës Zort vu Wësse gesat gétt.

Wa mer dann nach kuerz den Artikel 7 be-truechte vun der Konventioun - an dat komplettéiert och mäi Résumé hei -, gesi mer, dass et virun allem och ëm Dialog geet. Ee kulturelle Patrimoine gétt net vu jiddwerengem d'selwecht interpre-téiert an duergestallt. Nëmmen am Aus-tausch kënnen kontradiktoresch Interpreta-tiounen vun engem selwechten Objet zu enger konsensueller an toleranter Notzung féieren.

Als praktescht Beispill, a well rezent esou vill driwwer Rieds wor, géif ech wellen d'Gëlle Fra beméien, déi an de Jore vun hirer mouvementéierter Existenz fir ver-schidde Wäerter stoung an déi vu jiddwer-engem iwwert d'Joren am an duerch déi Konflikter am Land an ëm si anescht inter-pretéiert goufen. Als Resultat...

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Op där ellener Plaz?

► **Mme Martine Mergen (CSV), *rappor-trice.***- Pardon?

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Op där ellener Plaz?

► **Mme Martine Mergen (CSV), *rappor-trice.***- Jo.

Als Resultat vun all deenen Diskussiounen ëm hir Persoun ass si haut kloer eng Iden-

tifikationsfigur vum Lëtzebuenger kultu-relle Patrimoine.

Mir haten och an der Diskussioun eng méi technesch Diskussioun iwwert de Suivi vun dëser oder ähnleche Konventiounen. Et ass an dësem Fall e Comité de suivi virgesi vum Conseil de l'Europe, wat ons national doran net implizéiert. Generell awer wollte mer eng Diskussioun entaméieren iwwert de weidere Werdegang vun anere Kon-ventiounen a Kulturofkomme mat anere Länner.

Ons interesséiert, wat praktesch doraus-er gétt, wa mir deem Text emol hei duerch d'Chamber ofgeseent hunn. Dës Diskus-siounen proposéiere mer, an deenen nächste Méint ze féieren. A mir hunn och proposéiert, dass déi aussepolitisch Kom-missioun, wat d'Ëmsetze vun de Kultur-ofkommen ubelaangt, dorunner deelhält.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, verschidde Membere vun onser Kultur-kommissioun hu proposéiert, ob ee sech net eng méi einfach Prozedur kéint ginn, fir dës Zort vu Konventiounen ze ratifi-zéieren, well déi kllassesch legal Prozedur eng zimlech laangotmeg ass an ee quant au fond an den Inhalter vun de Konven-tiounen näischt ännert.

Fir de Moment hu mer awer keng esou eng Procédure simplifiée. An eigentlech waren ons Aarbechten an der Kommis-sioun dës Kéier rapid. Vum Dépôt vum Ge-setz bis zur Ofstëmmung haut si just emol zwee an en hallwe Mount vergaangen, esou dass et ons elo nach bleift, den Text ze stëmmen.

D'Konventioun vu Faro gétt en optimiste-sche Bléck an d'Zukunft. Op eng Gesell-schaft, déi iwwer Dialog an Erzéiung hir Kulturierwen, an der Mehrzahl gegeben-enfalls, op eng nohaltege Aart a Weis asetzt, fir zu méi enger grousser Kohärenz ze fannen.

Ech gi jiddefalls heimadder den Accord vun der CSV-Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolasschteren.

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Wat ass mat der Gëlle Fra, Madame Stein?

### (Interruptions)

► **M. le Président.**- Ech soen der Ma-dame Mergen Merci. Als éischt Riednerin ass déi hono-rabel Madame Anne Brasseur agedroen. Madame Brasseur, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

► **Mme Anne Brasseur (DP).**- Här Pre-sident, Dir Dammen, Dir Hären, ech géif gären hei den Accord vun der DP-Frak-tioun zu dësem Projet de loi bréngen, well mer selbstverständlech d'accord sinn, dass mer déi Konventioun vu Faro ratifizéieren.

Ech géif just gären zwou Remarqué maa-chen.

Déi éischt, déi betrëfft d'Konservatioun vum Patrimoine, an zwar de Patrimoine architectural. D'Konventioun vu Faro geet vill méi wäit. Mä mir hunn nach als Cham-ber eng grouss Hausaufgab ze maachen. Mä ech mengen, virdru muss d'Regierung sech selwer eens ginn, wat se mam Gesetz iwwert de Patrimoine mécht.

Et wor e Projet de loi déposéiert ginn. Mir hunn deem undiskutéiert. An do hat d'Re-gierung virgesinn, ënnert der Fieder vun der Madame Octavie Modert, dass all Im-meuble, dee méi wéi 50 Joer al wier, misst op den Inventaire supplémentaire kommen. Mir hunn ons zu enger Rei dergéint gewiert, an zu Recht gewiert. Well ech wëll hei soen: Net alles, wat al ass, ass gutt.

► **Mme Octavie Modert, *Ministre de la Culture.***- Dat war en Amendement vun der Kommissioun.

► **Mme Anne Brasseur (DP).**- An alles, wat...

► **Mme Octavie Modert, *Ministre de la Culture.***- An et war och esou do diskutéiert ginn. Et war net vu mir komm.

► **Mme Anne Brasseur (DP).**- Also, ech weess net, Här President. D'Madame Mi-nister ënnerbrécht mech, mä d'Madame Minister däréf awer selbstverständlech d'Wuert huelen, wa mer déi Minutten awer da guttgeschriwwé ginn.

► **M. le Président.**- Ech mengen, d'Ma-dame Minister hält herno Positioun, wann all Riedner interpelléiert huet.

► **Mme Anne Brasseur (DP).**- Jo, gutt.

► **M. le Président.**- Fuert Dir elo emol virun, Madame Brasseur!

► **Mme Anne Brasseur (DP).**- Jo.

Dat wor natierlech e Projet, dee Gott sei Dank dunn net zum Droe koom. Et huet keng Majoritéit sech fir deem Text fonnt. An ech wollt awer elo froen, wou mer mam Text dru wieren, well deem Text, deem deemools vun der Regierung dépo-séiert ginn ass, hat nach ganz aner Pro-blemer. An zwar woren d'Ambitiounen fir d'Protektioun vum Patrimoine enorm héich, mä d'Moyenen, déi de Stat sech selwer ginn huet, fir dat ze errechen, woren net ginn.

An do hätten zum Beispill d'Gemenge missen dem Stat seng Aufgab maachen. Dat kann awer net sinn. Mir mussen do kucken, e verstännegen Text ze kréien, mat deem mer och den Développement vun onsen Dierfer an onse Stied weider kënnen garantéieren, well - ech widder-huelen et nach eng Kéier - : Net alles, wat al ass, ass schéin, an net alles, wat al ass, ass erhalenswäert.

Well wa mer esou gefuer wieren, da géif d'Chamber net hei stoen, well déi Zäit op dëser Plaz eppes aneschters wor. Dat also: Wéi wäit ass et mat engem neie Gesetzes-projet? Wéi wäit ass d'Regierung do drun? Dat ass meng éischt Remarque.

Meng zweet Remarque, Här President, déi betrëfft d'Konventiounen am Allgemen-gen. Mir hu säit den 90er Jore ganz vill Konventiounen als Land ënnerschriwwen, mä nach net ratifizéiert. D'Madame Stein huet elo grad an hirem mëndleche Rapport ugeschnidden, dass mer vläicht d'Prozedur misste simplifizéieren.

Mä de Problem läit net hei an der Cham-ber. De Problem läit beim Dépôt. Et ginn einfach keng Gesetzer préparéiert, fir dass mer hei kënnen an der Chamber da fina-lement e Gesetz stëmmen, fir dass mer se kënnen ratifizéieren.

Dofir hunn ech zesumme mat dem Frak-tionspresident vun der Demokratescher Partei, dem Xavier Bettel, eng Demande gestallt, un lech Här President - ech hu si-gnéiert a menger Qualitéit als Member vun der Assemblée parlementaire vum Conseil de l'Europe -, dass d'aussepolitisch Kommissioun soll zesummekommen an dass mer den Här Ausseminister invitée-ren, fir dass en ons soll soen, wéi den Timing ass, wéi de Programm ass zu der Ratifikatioun vun de Konventiounen.

Well ech mengen, do misste mer ons d'Moyenen eng Kéier ginn a mat System do derduerch goen, well déi Visitekaart, déi mir als Lëtzebuerg ofginn doduerch, dass mer Konventiounen signéieren an net ratifizéieren, ass keng gutt Visitekaart fir d'Land. An ech mengen, et wier héich Zäit, dass mer do och zu enger Konklus-ioun kéimen.

Dat sinn déi zwou Remarquen, déi ech zu dësem Projet wollt maachen. Merci, Här President.

► **M. le Président.**- Merci der Madame Brasseur. Als nächste Riedner ass den Här Marc Angel agedroen. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Angel (LSAP).**- Här Pre-sident, Madame Minister, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer gläich am Ufank der Dokter Mergen Merci ze soe fir hire prezise mëndlechen a schrëftleche Rap-port. D'Dokter Mergen huet mat Recht geschriwwen, dass dës Convention-cadre iwwert de Wäert vum Kulturierwe fir d'Ge-sellschaft am Fong eng Verlagerung ass vun der Fro, firwat a fir wien de Patrimoine culturel wichteg ass, hin zur Fro, firwat a wéi de Patrimoine culturel erhalte soll ginn an no wéi enge Methoden.

Wat och nei ass bei dëser Konventioun vum Europarot, ass d'Iddi, dass d'Wëssen an d'Notze vum Patrimoine culturel e Recht ass vun de Biergerinnen a vun de Bierger, um kulturelle Liewen deelzehuelen. De Mënsch soll also Notzen aus dem Patri-moine culturel zéien, an dat soll zu senger Beräicherung bäidroen.

Et ass, mengen ech, genau heiduerch, dass et en öffentlechen Interessi um Patrimoine gétt. An et ass déi Tatsaach, mengen ech och, déi et legitiméiert, dass mer gutt Gesetzer brauchen, fir de Patrimoine ze